LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°7204 vum 17. November 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement iwwert d'Geldleeschtunge vun der Fleegeversécherung**

D'Saach- a Geldleeschtunge vu Fleegeversécherung si Leeschtunge vun der sozialer Sécherheet, déi op Basis vun enger Évaluatioun vun der Administration d'évaluation et de contrôle de l'assurance dépendance (AEC) fixéiert ginn.

D'Forfaite fir Geldleeschtunge sinn opgelëscht am Artikel 354 vum Code vun der sozialer Sécherheet. Jee nodeem wéi vill Minutten den Aidant fir d'"actes essentiels de la vie" (AEV) assuréiert, gëtt de Montant vun de Leeschtungen a Funktioun vum jeeweilege Forfait bezuelt. Fir d'Geldleeschtunge sinn et 10 Forfaiten déi enger Unzuel vu Minutten (mat engem Intervall) un AEVen entspriechen. De Forfait 1 ass zum Beispill wann den Aidant manner wéi 61 Minutten d'Woch assuréiert. Dee Moment kritt déi Fleegebedierfteg Persoun 12,50 Euro pro Woch ausbezuelt. Den héchste Forfait, ass de Forfait 10. Do kritt déi Fleegebedierfteg Persoun 262,50 Euro pro Woch ausbezuelt wann den Aidant 541 Minutten oder méi pro Woch assuréiert.

Dës Geldleeschtungen si weder e Salaire nach e Revenu de remplacement fir den Aidant, mee et ass eng Leeschtung, déi de Beneficiaire vun der Fleegeversécherung krit, wann dëse Beneficiaire en Aidant huet. Et ass eng Indemnitéit vun der Fleegeversécherung fir déi fleegebedierfteg Persoun déi hier Versuergung Doheem organiséiert. Deementspriechend kënnen an deene Forfaite weder Käschte fir de Sprit mat agerechent ginn, nach soss aner eventuell Käschte vum Aidant. Doriwwer eraus kënnen dës Forfaiten och net un den Index gebonne ginn.

Dës Forfaiten si fir d'lescht bei der Reform vun der Fleegeversécherung déi op den 1.1.2018 a Kraaft getrueden ass ugepasst ginn.

Am Joer 2021 gouf eng Enquête an der Fleegeversécherung realiséiert, déi och op den Aidant fokusséiert war. Dës Resultater sinn an engem Bericht vun der Fleegeversécherung agefloss, déi den 9. Juni 2022 der zoustänneger Chamberskommissioun virgestallt goufen. Am PV vun där Chamberskommissiounsëtzung stinn d'Detailer vun de Resultater ewéi och d'Konklusioune mat den Echangen an der Kommissioun dran (https://wdocs-pub.chd.lu/docs/exped/0132/020/264204.pdf).

Zu deem Zäitpunkt huet der Minister fir sozial Sécherheet schonn ugekënnegt gehat, dat an noer Zukunft géing gekuckt gi fir d'Aidanten nach besser ze encadréieren an och ze entlaaschten. Zu deem Moment wäerten dann och nach eng Kéier déi eenzel Forfaiten analyséiert an eventuel ugepasst ginn.

Lëtzebuerg, den 20. Dezember 2022

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen